ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI

Här Mars Di Bartolomeo
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 28. Abrëll 2017

Här President,

Esou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Bausseminister, un den Här Justizminister an un d'Madame Minister fir Integratioun weiderzeleeden.

Déi rezent Statistiken iwwert d'Ufroe fir den internationale Schutz weisen drop hin, datt nach ëmmer vill Leit dëse Statut zu Lëtzebuerg ufroen.

An dësem Kontext wéilt ech der Regierung dës Froe stellen:

1. *Wéi eng medezinesch Tester gi routineméisseg mat deene Migrante gemaach, déi op Lëtzebuerg kommen? Sinn do och Tester op ustiechend Krankheeten dobäi, wéi z.B. Tuberkulos, HIV oder Hepatitis? Ginn d'Migranten iwwer hir Testresultater esou informéiert, datt si se kënne verstoen?*

2. *Vill Migrante bekloen sech iwwer d'Längt vun de Prozeduren. Denkt d'Regierung un nei Schrëtt fir d'Längt vun de Prozedure weider ze verkierzen?*

3. *Wéi transparent sinn déi administrativ Asylprozedure fir déi Betraffen? Hunn si d'Méiglechkeet gewuer ze ginn, wou hiren Dossier drun ass? Wann net, denkt d'Regierung drun déi Prozedure méi transparent ze maachen?*

4. *Ass d'Regierung zu all Ableck esou gutt iwwer d'Lag an den Hierkonftslänner informéiert, z.B. wat d'Sécherheetslag ugeet oder d'Situatioun vu verschiddene Minoritéiten, datt si no beschtem Wëssen a Gewësse kann hir Decisiounen an den Asylprozeduren huelen?*

5. *Gi Facteuren wéi bewisen Integratiounsfäegkeet, zum Beispill duerch d'Beherrsche vun der Lëtzebuerger Sprooch oder d'Präsenz vun anere Memberen vun der Famill vun deene betraffene Migranten zu Lëtzebuerg, an deenen administrative Prozedure mat berécksiichtegt?*

6. *Wëll d'Regierung op europäeschem Niveau Initiativen huelen, fir d'Réckféierung vun deene sougenannte „Dublin-Fäll" an déi zoustänneg Länner ze acceleréieren? Wa jo, wéi eng?*

Mat déiwem Respekt



Fernand Kartheiser

Deputéierten